N° 7954
Entrée le 09.06.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

**Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 7954 vum honorabelen Deputéierten Ali Kaes zum Sujet « Responsabilité sur l'alerte par sirène dans les communes »**

D'Missioun, d'Biergerinnen a Bierger am Fall vun enger Katastrof oder Kris z'informéieren an ze warnen, ass dem ofgeännerte Gesetz vum 27. Mäerz 2018 iwwert d'Organisatioun vun der ziviller Sécherheet no eng Aufgab vun der ziviller Sécherheet, déi virun allem vum Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS), iwwert deen ech d'Tutelle hunn, ausgefouert gëtt[1]. An deem Kader ass et d'Aufgab vun der Regierung, d'Strategie an d'Objektiver vun der ziviller Sécherheet ze definéieren, sou wéi och déi néideg Moossnamen en place ze setzen, soudass de CGDIS senge Missiounen nokomme kann, dëst am Aklang mam Plan national d'organisation des secours (PNOS).

Wat d'Sireenen ugeet, huet Lëtzebuerg en zentral gesteierte Réseau vun 347 Sireenen, mat deem d'Land gutt couvréiert ass an dee säit Joren all 1. Méindeg am Mount getest gëtt, well d'Sireenen als e wichtege Bestanddeel vun eiser multikanaler Alertéierungsapproche, dem LU-Alert, ze gesi sinn.

Am Kader vun der Reform vum nationale Warnsystem gëtt de Moment eng Analys vun de Propriétéitsverhältnisser vun de Sireene gefouert. Wann déi bis ofgeschloss ass, klären ech d'Gemenge per Circulaire doriwwer op, wien de Proprietär vun de Sireenen ass an deemno wien och responsabel ass fir den Entretien.

Lëtzebuerg, den 9. Juni 2023
D'Inneministesch
(s.) Taina Bofferding

[1] Art. 1er. La sécurité civile a pour mission la protection des personnes, des animaux, des biens et de l'environnement contre les événements calamiteux, les sinistres et les catastrophes, l'information et l'alerte des populations ainsi que la préparation et la mise en œuvre de mesures et de moyens appropriés. Le ministre ayant les Services de secours dans ses attributions, appelé par la suite « le ministre », est chargé de l'organisation et de la mise en œuvre de la sécurité civile et coordonne les mesures et les moyens prévus par la présente loi.